# D’hënnescht Dier um Handy | Lëtzebuerger Journal

Veröffentlicht am 31. Mai 2022



Een neie Gesetzesentworf vun der EU-Kommissioun suergt fir Diskussioun, dobäi kléngt d’Iddi gutt: Kanner sollen online viru sexueller Ausbeutung geschützt ginn. De Problem ass, dass doduerch all Chat automatesch an ouni konkrete Grond gescannt géif ginn. Den Dennis Fink vum Chaos Computer Club erkläert, wat d’Konsequenze vum neie Gesetz wieren.

## Dennis Fink am Interview

Et ass e grousst Versprieche vun der EU-Innekommissärin Ylva Johansson un all Kand: „Dëse Virschlag ass fir iech ze schützen, iech ze retten, iech ze hëllefen.“ 85 Millioune Biller a Fotoe vu sexualiséierter Gewalt géint Kanner sinn der Internet Watch

Foundation no eleng 2021 op ënnerschiddlechen Internetplattforme gedeelt ginn. Dass d’EU konkret Schrëtt géint dës enorm Zuel hëlt, dogéint hu wuel déi mannsten eppes.

Ma et ass d‘Ëmsetzung, déi Suerge mécht. Déi aktuell Propos géif all Ubidder vun Chatprogrammer wéi WhatsApp, Facebook-Messenger, Snapchat, Signal an Telegram dozou verflichten, all Gespréich automatesch no verdächtegen Inhalter duerch ze scannen – an dat komplett ouni konkrete Verdacht. Dobäi soll et net nëmmen ëm Biller oder Videoe goen, mee och ëm Text, well d’Gesetz virgesäit, géint déi sougenannte Method vum „grooming“ virzegoen. Sou bezeechent een d’Kontaktopnam mat Kanner mam Zil si sexuell auszebeuten.

Konkret géif dat heeschen: All Form vu Kommunikatioun gëtt zu all Moment gescannt, all Verdachtsfall un eng Agence weidergeleet, déi dës manuell iwwerpréift. An der Praxis wier dat proposéiert Gesetz net nëmmen eng logistesch a mënscherechtlech Katastroph, ma géif warscheinlech och säin Zil guer net erfëllen, seet den Dennis Fink vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg. De *Lëtzebuerger Journal* huet mat him geschwat.

*op Lëtzebuergesch

